FROXIMUN®

TOXAPREVENT® HALISTOP

# GEBRAUCHSINFORMATIOUN

*90 Knatabletten à 1 200 mg*

## LËTZEBUERGESCH

**Liest déi vollstänneg Gebrauchsinformatioun suergfälteg duerch, éier Dir dëst Medezinprodukt anhuelt.**

- Versuergt d'Gebrauchsinformatioun, vläicht wëllt Dir se spéider nach eng Kéier liesen.
- Wann Dir weider Froen hutt, went Iech wgl. un Ären Dokter, Therapeut, Apdikter oder direkt vun d'FROXIMUN AG als Hiersteller.
- Dëst Medezinprodukt ass rezeptfräi a fräi verkeeflech.

### 1. Wat ass TOXAPREVENT® HALISTOP® a woufir gëtt et ugewant?

TOXAPREVENT® HALISTOP® ass e Medezinprodukt fir d'Preventioun an Therapie vun Halitos. An der Mondhöl, besonnesch op der Zong an un entzüntem Zännfleesch, gi gerochsaktiv Substanze gebonnen.

### 2. Wat musst Dir virum Anhuele vun TOXAPREVENT® HALISTOP® beuechten?

- Enthuelt d'Knatabletten eréischt onmëttelbar virun der Uwendung aus dem Blister.
- Huelt ëmmer nëmmen déi Quantitéit u Knatabletten eraus, déi Dir zum Zäitpunkt vun der Entnam uwende wëllt.

**TOXAPREVENT® HALISTOP® däerf net ageholl ginn:**
bei bekannter Allergie oder Iwwerempfindlechkeet géint een oder méi Inhaltsstoffer. (kuckt Punkt 6: Inhaltsstoffer a Bestanddeeler)

**Besonnesch Virsiicht beim Anhuele vun TOXAPREVENT® HALISTOP® ass erfuerderlech bei:**
Et leien net genuch Erfarungen, Daten oder negativ Réckmeldungen iwwer d'Anhuele vun TOXAPREVENT® HALISTOP® bei Schwangeren, stëllende Mammen a Kanner ënner 12 Joer vir. Wëllt Dir d'Produkter nawell anhuelen, da schwätzt virum Anhuele wgl. mat Ärem Dokter oder Apdikter.

**Beim Anhuele vun TOXAPREVENT® HALISTOP® mat Medikamenter:**
Fir onerwënscht Wiesselwierkunge mat Medikamenter ze vermeiden, ass en Ofstand vun 2 Stonnen anzehalen, well keng systematesch Untersuchungen zu Wiesselwierkungen oder Beaflossunge vu Medikamenter duerch d'Anhuele vun TOXAPREVENT® HALISTOP® virleien.

### 3. Wéi a wéini ass TOXAPREVENT® HALISTOP® unzewenden?

Grondsätzlech kënnt Dir d'Knatablette preventiv an therapeutesch uwenden. Preventiv ass d'Uwendung beispillsweis nom Iessen, fir dem Entstoe vu Mondgeroch entgéint ze wierken oder och bei engem ongemällegen Otemgefill. Therapeutesch ass d'Uwendung, wann d'Ursaach vum ongemällege Geroch an enger Entzündung am Mond- oder Schléckraum läit. Dir kënnt bis zu 8 Knatabletten deeglech verwenden. Went net méi Knatabletten un, ewéi uginn. Wëllt Dir nawell méi ewéi déi ugi Quantitéit anhuelen, da frot Ären Dokter oder Apdikter.

**Uwendungsdauer**
Dir kënnt d'Knatabletten onënnerbrach bis zu 30 Deeg uwenden. Dono maacht wgl. eng Uwendungspaus vun 1 Woch, wann Dir mat der Uwendung virufuere wëllt.

**Géigemoossname bei Uwendungsfeeler, Iwwerdoséierung oder Niewewierkungen:**
Wann Dir aus Versinn eng gréisser Quantitéit ewéi déi virgesinn Doséierung ageholl hutt, kënnen eventuell onüblech Effekter optrieden. An dëse Fäll gëtt eng Reduzéierung vun der Anhuelquantitéit oder eng kuerz Uwendungspaus empfuel, bis d'Symptomer verschwannen. Bei unhalenden Niewewierkunge stellt d'Anhuelen an a consultéiert Ären Dokter oder Therapeut.

### 4. Wéi eng Niewewierkunge si bekannt?

Et si keng Niewewierkunge bekannt.

**Melde vun Niewewierkungen**
Wann Dir Neefeg Effekter mellt, gitt weg Ären Dokter, Therapeut oder Apdikter. W.e.g. bericht se och un d'Froximun Ag ënner de folgende Kontaktdetailer:

| | |
|---|---|
| Hiersteller a Mellplaz: | FROXIMUN AG, Neue Straße 2a,<br>D – 38838 Schlanstedt |
| Telefon: | +49 39401 632-0 |
| Fax: | +49 39401 632-199 |
| E-Mail: | anwender@froximun.de |
| Verantwortlech Persoun: | +49 39401 632-320 |

### 5. Wéi ass TOXAPREVENT® HALISTOP® ze versuergen?

- ausser Reechwäit vu Kanner versuergen
- dréchen an tëschent 5 °C – 40 °C lageren
- virun direkter Sonnenastralung schützen
- net méi laang ewéi ugi verwenden
- verwendbar bis: kuckt Falschachtel oder Prägung/Drock um Rand vun der Blisterverpackung

### 6. Weider Informatiounen

**Inhaltsstoffer an aner Bestanddeeler**
1 Blister enthält 10 Knatabletten à 1 200 mg bestoend aus MANC®, Isomalt, Lemonaroma, Hydroxypropylcellulos, Magnesiumstearat, Stevia

**Informatiounen zum MANC®:**

- 100 % natierlech, glutefräi, laktosfräi, vegan, mineralesch
- MANC: Naturzeolith-Klinoptilolith

## 7. Hierstellerinformatioun

FROXIMUN® AG, Neue Straße 2a, D – 38838 Schlanstedt
Telefon: +49 39401 632-0, Telefax: +49 39401 632-199
E-Mail: info@froximun.de

***Dës Gebrauchsinformatioun gouf fir d'lescht iwweraarbecht: 09.02.2023***

ausser Reechwäit
vu Kanner versuergen